ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. Februar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An der Phas 1 vun den Impfunge géint de Corona-Virus ass virgesinn d'Personal aus dem Gesondheetswiesen ze impfen.D'Osteopathen, déi jo och staark am Kontakt mat Patiente sinn, kruten awer bis elo, nach keng Invitatioun fir eng Impfung. De Beruff vum Osteopath ass zënter 2018 en unerkannte Gesondheetsberuff.

Ech wollt dofir d'Madamm Minister froen:

1. Sinn d'Osteopathen vergiess ginn oder bewosst op der Säit gelooss ginn a wann dëst esou ass, aus wéi enge Grënn?

2. Wéini ass et virgesi fir Osteopathen eng Invitatioun fir d'Impfung ze schécken?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten